

Titre

**Mir brauchen eng Renaissance vun eisem
Programm de Politique Architecturale**

Annonce

**Méi wie jeemools brauche mir gemeinsam Ziler, Valeuren a besonnesch
d'Vertrauen an d'objektiivt Wësse vun onofhängege Fachleit.**

Vum **Pierre HURT**, directeur de l'Ordre des Architectes et des Ingénieurs-Conseils
(oai.lu)

Texte

**Mir brauchen eng Renaissance vun eisem Programm de Politique
Architecturale** [\(1\)](#)

De 14. Guide OAI Références, dee viru kuerzem publizéiert gouf, dokumentéiert ganz gutt déi aktuell Dynamik am Bau hei zu Lëtzebuerg.

D'Architekten, d'Ingénieurs-Conseils, an déi aner OAI-Beruffer (d'Urbanisten, d'Architekten d'intérieur an d'Architect- /Ingénieur-Paysagisten), weisen do hir multipel a kreativ Léisunge fir eise Cadre de vie.

Mee et feelt heiansdo nach u Koherenz, Kontextualitéit, a besonnesch klore Prioritéiten a Valeuren di vun allen Acteure gedeelt ginn, fir dat mir di akut Krisen – Klima, Wunnen – besser a schnell kënnen ugoen.

Dofir plädéiert den OAI fir e Revival oder besser nach e Neischréiwe vum Programm de Politique Architecturale, deen 2004 vun der ganzer Regierung énnerschriwwé gouf, mat 14 prezisen Demarchen. Munches ass émgesat ginn, Villes muss nach kommen.

Dat Dokument war d'Resultat vun engem kooperative Prozess vun de Ministèreen an Administratiounen mat allen Acteuren um Bau (Konzepteuren, Handwierker an Entrepreneuren...).

Grad elo ass et wichteg dëse Prozess fundamental nei ze denken, nodeems d'Covidkris ons existenziell Problemer kloer opgedeckt huet. An och no der COP26 vu Glasgow, souwéi dem EU-Programm New European Bauhaus.

Dat wieren e resilient Funktionéiere vun eisem Cadre de Vie op sozialer, ekologescher an ekonomescher Basis, a besonnesch eng echt a couragéis Baukultur wou mir gemeinsam Liewensqualitéit deelen.

Awer mir dierfen eis net mat onnëtze Reegelen iwverfrachten, an och net nach dee klengste Risiko zu 100% juristesches ofdecken.

De Mut, d'Loscht zum kreativen Agéiere muss bleiwen.

Elo endlech eng reell an intelligent administrativ Simplificatioun, an e schlaue Code de la Construction koherent mat klore Prioritéite fir dat et um Terrain viru geet.

Lëtzebuerg soll weider Virreider sinn, nom Moto : Design first, build smart.

Méi wie jeemools brauche mir gemeinsam Ziler, Valeuren a besonnesch d'Veutrauen an d'objektivt Wësse vun onofhängege Fachleit op allen Niveauen. Deene musse mir och an aller Transparenz d'Moyene ginn, fir hir wichteg Missioun ze erfëllen.

Well di aktuell Vertrauenskris a wëssenschaftlech Fakten ass ganz geféierlech fir eist friddlecht Zesummeliewen.

Net nëmmen aus akuter Angscht mee mat klorem an opgeklärtem Kapp solle mir solidaresch sinn an och esou handelen.

Pierre Hurt

⁽¹⁾ Le programme de politique architecturale, approuvé par le Conseil du gouvernement le 11 juin 2004, peut être consulté dans la Médiathèque du site www.oai.lu.